N°1882
Entrée le 03.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.02.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Aarbecht & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Vill gréisser Firme setzen elo schonn op kënschtlech Intelligenz a spueren domadder bei administrative Prozeduren oder Analyse vill Aarbechtsstonnen. No engem Artikel op *bloomberg.com* vum 8te Januar kéinte mëttelfristeg am Bankesektor eng 200.000 Aarbechtsplazen duerch kënschtlech Intelligenz ersat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ee wirtschaftlechen Impakt wäert d'KI op déi lëtzebuergesch Finanzplaz hunn?
2. Kann d'Regierung ausschléissen, dass zu Lëtzebuerg Aarbechtsplazen am Finanzsecteur ofgebaut ginn?
3. Wëssend, dass ee Groussdeel vun de Steierrecetten duerch d'Akommessteier vun den Aarbechtsplazen am Finanzsecteur erakommen, wéi preparéiert sech Lëtzebuerg op eng eventuell Baisse vun de Steierrecetten?
4. Wéi eng Formatiounen ginn bei der ADEM 2025 ugebueden, fir d'Leit am Ëmgang mat KI ze schoulen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten